N°3581
Entrée le 09.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n° 3581 vum 2. Februar 2026 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement iwwer den „ Traitement des demandes de redressement fiscal "**

1. **Wéi gëtt d'Praxis vum Steieramt gerechtfäerdegt, Rektifikatiounen ze refuséieren, wann et sech ëm offensichtlech ëm e Versinn oder e Vergiessen handelt, obwuel d'Reglementer eng Frist vun 3 Méint fir Korrekture virgesinn?**

2. **Wéi vill Demande de redressement goufen an de leschten 3 Joer agereecht, a wéi vill dovunner goufen acceptéiert respektiv refuséiert? Kann eng Statistik no Grond vun der Refus zur Verfügung gestallt ginn?**

3. **Wat sinn déi exakt Krittären, no deenen d'Steieramt entscheet, ob eng Rektifikatioun akzeptéiert oder refuséiert gëtt?**

4. **Gëtt et eng kloer Distinctioun tëscht onbewosste Feeler a bewosste Falschangaben?**

5. **Ass d'Regierung bereet, d'Prozedur ze iwwerpréiwen a méi Transparenz a Kulanz bei onbewosste Feeler ze garantéieren, fir ze vermeiden, datt Bierger duerch en einfacht Vergiesse finanziell benodeelegt ginn?**

Et gëllt virop tëscht enger „demande de redressement du bulletin d'imposition" nom § 94, 1ten Abschnitt vun der Abgabenordnung (AO), déi de Steierflichtegen um Steierbüro erareecht, an enger Reklamatioun, déi iwwert de § 228 vun der AO gereegelt a virum Steierdirekter ze presentéieren ass, ze ënnerscheeden.

Bannent dem Reklamatiounsdelai vun 3 Méint no der Zoustellung vum Steierbescheed, kann de Steierflichtegen eng „demande de redressement du bulletin d'imposition" maachen, fir dat dann, am Ermiesse vum Preposé vum zoustännege Steierbüro, eng eventuell Ännerung vum Steierbescheed, déi dann och nach an dem selwechten Delai vun 3 Méint muss kennen gemaacht ginn, virgeholl gëtt. Dës Redressementer limitéieren sech op Elementer an Informatiounen, déi keng nei ausgedeenten Instruktioun, déi am Virfeld vun der Besteierung gemaach ginn ass, verlaangen. Sollt de Preposé déi gefroten Ännerunge deelweis oder integral verwerfen, gëtt dëst dem Steierflichtege matgedeelt an op d'Rechtsmëttel verwisen.

An dësem Kontext ass och ervirzehiewen, datt verschidden Demanden, wéi zum Beispill Deduktiounen kloer mam Erareeche vun der Steiererklärung musse formuléiert, respektiv virum Zoustelle vum Steierbescheed musse gemaach an net ex-post kënne geännert ginn.

D'Instruktioun duerch den zoustännege Steierbüro vun der Steiererklärung, déi virum Austellen vum Steierbescheed gemaach gëtt, soll, nom § 205 vun der AO, Lücken ergänzen an Zweifel bei der Steiererklärung besäitegen. An dësem Kader gëtt dem Steierflichtege matgedeelt, wa wesentlech Ofwäichungen zu der Steiererklärung optrieden, an esou d'Méiglechkeet gebueden, Stellung ze bezéien. Iwwer d'Natur an d'Gravitéit vun dësen Ofwäichunge befënnt de Steierbüro.

Am Kader vun der Moderniséierung vun der Steiergesetzgebung wäerten méi allgemeng Vereinfachungen fir de Steierzueler diskutéiert ginn.

Fir d'Joren 2023 bis 2025 si follgend „redressements du bulletin d'imposition", déi verschidde Steierjore betreffen, virgeholl ginn :

| **Ziviljoer** | **Redressementer nom § 94, 1 AO** |
|---|---|
| 2023 | 3.579 |
| 2024 | 3.915 |
| 2025 | 3.785 |

Eng Statistik vun der Gesamtzuel vun den eragereechten Ufroen an nom Grond vun engem eventuelle Refus gëtt net vun der Steierverwaltung gefouert.

Lëtzebuerg, de 6. Mäerz 2026
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth